A Possen

# Laterna magica

## Eng Rees an d'Häerz vun de Geschichten

Temporär Ausstellung 01.07.2026 – 31.12.2026
Musée « A Possen »
Bech-Maacher (Gemeng Schengen)



## Laterna Magica: Eng Rees an d’Häerz vun de Geschichten

D’Verbindung tëscht Illusioun a Wëssenschaft, souwéi den Interessi un der Projektioun an der Optik, huet zum Entstoe vun enger Welt vu beweegte Biller a Spektakele gefouert, déi gläichzäiteg duerch vill technesch Innovatioune charakteriséiert ass. Eng dovunner ass d’Laterna Magica, déi hir Wuerzelen an de sougenannte Schattenspiller huet. Si huet et erméiglecht, Biller, déi op Glasplacken iwwerdroe goufen, op Maueren ze projezéieren an esou visuell Inhalter op beandrockend Aart a Weis erëmzeginn. Am 19. Joerhonnert wäit verbreet, gouf si dank hirer villfälteger Notzung – wëssenschaftlech, pedagogesch, kënschtleresch, erzielend a spilleresch – zu engem gläichzäiteg prakteschen ewéi och faszinéierende Medium.

Vum 1. Juli bis den 31. Dezember 2026 invitéiert de Musée « A Possen » Iech, dës vergiesse Schätz am Kader vu senger temporärer Ausstellung « Laterna Magica: Eng Rees an d’Häerz vun de Geschichten » nei z’entdecken. Als Zeien aus enger Zäit, an där Technik a Konscht sech begéint hunn, fir ze verzauberen, erzielen dës Objeten d’Geschicht vun engem visuelle Spektakel, deen d’Verständnis an d’Perceptioun vum Publikum nohalteg gepräägt huet.

## Praktesch Informatioune

Vum 1. Juli bis den 31. Dezember 2026 ass d'Ausstellung wärend de regulären Ëffnungszäite vum Musée ouni viregt Reservatioun zougänglech. Den Entrée ass am Muséesticket abegraff.

Am Kader vun dëser Ausstellung bitt de Musée « A Possen » och zwee Atelieren un, déi ganz am Zeeche vun Entdecken a Kreativitéit stinn: en intergenerationellen Atelier souwéi en Atelier, dee speziell fir Kanner vu 6 bis 12 Joer konzipéiert ass.





**Intergenerationellen Atelier – Erlieft d’Magie vu beweegte Biller am Musée « A Possen » !**

E Samschdeg, de 24. Oktober 2026, si Kleng a Grouss (Kanner mussen a Begleedung vun engem Erwuessene sinn) häerzlech invitéiert, an d’zauberhaft Welt vun der Laterna Magica anzedauchen. Zesumme mat enger Mediatrice vum Musée bauen d’Participanten hir eege Laterna Magica – en historeschen Apparat, dee laang virum Kino benotzt gouf, fir Biller ze projezéieren a Geschichten z’erzielen.

Inspiréiert vun der Verserzielung „Maus Ketti“ vum lëtzebuergesche Schrëftsteller Auguste Liesch, gi kleng Zeenen aus der Geschicht illustréiert. Dës Biller ginn duerno mëttels der selwer gebauter Laterna projezéiert, wouduerch d’Geschicht vun der klenger Feldmaus aus Biermereng zum Liewen erwächt gëtt. Eng gemittlech gemeinsam Paus mat engem klengen Imbiss rënnt den Atelier of.

Dësen Atelier bitt d’Geleeënheet, d’Geschicht vun der Bildprojektioun z’entdecken an déi eege Fantasie ewéi och Kreativitéit unzereegen.

Fir weider Informatiounen www.musee-possen.lu !

## **Kanneratelier – Bau dir deng eege Laterna Magica!**

Mëttwochs, de 4. November, hunn d’Kanner tëscht 6 a 12 Joer d’Geleeënheet, e kreativen Nomëtteg am Musée « A Possen » ze erliewen, andeems si hir eege Laterna Magica bauen. Ënnert der Leedung vun enger Mediatrice bauen si als éischt hir Këscht, ier eng Lëns an déi selwer op transparent Folie gemoolte Biller agesat ginn.

Doheem geet et dann duer, eng Täscheluucht ze benotzen, fir dëse „Projekter“ wéi fréier erëm zum Liewen ze erwächen. En Atelier, an deem Kreativitéit, Wëssenschaft an d’Freed um Entdecken openeentreffen.

Fir weider Informatiounen www.musee-possen.lu !





## Pressekontakt

Adeline Karcher
Coordinatrice générale
Tel. : +352 23 69 73 53
E-mail : direction@musee-possen.lu

Musée « A Possen »
2, Keeseschgässel
L-5405 Bech-Maacher
www.musee-possen.lu

## Zousätzlech Informatioune

All Informatiounen iwwert déi temporär Ausstellung « Laterna Magica: Eng Rees an d'Häerz vun de Geschichten » ewéi och d'Aktivitéite ronderëm dës, sinn op der Internetsäit vum Musée verfügbar. QR-Code op d'Internetsäit:

*Dëst Dokument stellt de Presse-Dossier vun der Ausstellung duer. E ka fräi fir redaktionell Zwecker reproduzéiert ginn, ënner Virbehalt vun der Ernimmung vum Musée « A Possen ».*